1

## Ennert der Nazifuchtel 1940-1945

Si hun hiirt d'Liewe fir Hemecht gin,dodurech konnte mir bleiwe wat mir sin.(Letzebuerger. )Si sin der Hemecht trei bliwwen,hätten nimools mat JO fir Nazidäitschland ënnerschriwwen. Si woren fir Fräiheet, Recht a Fridden.Duurch feige Verot,fir Judas Loun hu vill hir Hemecht verlegent a verroden,hu sech den Naziën an d'Arem und'Droscht gehäit,sin matmarschéiert fir Hitlerdäitschland. Dass eis Hemecht,séng Bierger,dodurech séier vill ze leiden haten an dass esou munnecher gudde Lëtzebuerger,Patriot,Resistenzler,(in) Durech esou Verréider,Pharisäier,de Preisen,derGestapo.der SS an d'Hän geroden sin, dass dodurech d'Prisongen.d'Lager, d'KZ-er, d'Gaskummere voll gestoppt gi sin, wat dës onglécklech Affer hu missen erdroen,leiden,watfir Schikanen,Torturen,Mësshandlongen u Leif a Séil erfuer hun. Millioune vun Mënschen, Jong wéi Al, Männer,Fraen, Meedercher a Jongen, Bouwen a Kanner ouni Ausnahm sin vun dëse Mäerder déi schlëmmer wéi Kannibale woren,ermuert,higeriicht a vergast gin, och séier vill Lëtzebuerger woren ënner dësen Affer, esou och zech Schëfflénger Bierger a Biergerinnen si vun dësen äiskalen Brütten, Mënschenschënner ermuert gin. Mir déi dës schrecklech Krichsjoren iwwerlieft hun sollen an duerfen ni vergiessen wat Nazidäitschland eiser Hemecht a sénger Populatioun ugedoen hun.Et ass Pflicht a Schëllegkeet dat Vermiergnëss ze verteidegen an Eieren ze halen wat si eis hannerlooss hun. Dësen Artikel wéi d'Nimm vun dëse Schefflénger Doudesaffer sin no beschtem Wëssen a Gewëssen geschriwwe gin als Bewäis fir deene spéidere Generatiounen,wat fir en héige Bluttzoll a wat fir grouss Affer fir Fräiheet,Gerechtegkeet a Fridde bezuelt gin ass. <u>d'Nimm vun deene Ermuerte Schëfflëngerë.:</u>

**Prisong, KZ - Opfer:**

Adam Hans, geköppt als Ustëffter vun der Grève 1942.
Adamy Vally, ermuert am KZ Neugamme
Arensdorf Raymond, ëmmkomm am KZ Dachau
Bieren Eugene erschoss zu Hinzert (Grève Affer 1942)
Boulanger Jules ëmmkomm am KZ Dachau
Bertemes Jean ermuert am KZ Natzweiler-Strutthof
Bintz JP. ermuert am KZ Mauthausen
Bristiel Léon ermuert am KZ ?
Engel A gestuewe bei engem Bommenungrëff zu Berekastel
Fedler Georges erschoss am KZ Sachsenhausen
Fournel Jean gestuerwen am KZ Mauthausen
Godfroid Hubert Student erschoss zu Sonnenburg
Godfroid Lotti gestuerwen am KZ Ravensbrück
Madame Godfroid,gestuerwen am KZ Ravensbrück
Kauffman René erschoss durech SS zou Dietz an der Lahn

Marx Francis erschoss zou Lyon am Frankreich
Omes JP. vermösst an Yougoslavien
Rumé Gusty gestuerwen am Zuchthaus Escherhausen
Weber Alphons "ëmmkomm am Zuchthaus Wiesbaden
Wester Aloyse ermuert am KZ Buchenwald
Vesqué Pierre erschoss zu Hinzert
Zenner Jos gestuerwen un de Folgen vun sénger Haft
Frieden P. erschoss durech d'SS zou Dietz an der Lahn
d'Madame Cerf-Salomon vergaast
d'Joffer Cerf Renée vergaast
Dal Zotto Mathias higerlicht zu Klingelpütz/Köln

gestuerwen an der Ëmsidelong:

Rommelfanger Erika
Falkero Willy
Braquet Jos
Thillges Silvie um Héméh aus der ëmsidelong.

Hinnen zou Eieren.

Fir d'Hemecht gouft dir äert d'Liewen
an d'Hemecht weess iech dank.
Wëll hir gollt all äert Striewen
Dir hutt et trei bekannt.
Am KZ,Prisong,Lager,Gaskummer
hutt Dir gelidden fir Fräiheet ären Doud wor nët ëmsoss.
Aus dem groussen Onhœl, ass d'Fräihét nei erspross.

---

Léif Mamm am Himmel,du helleg Kinneigin,
Looss all déng Kanner ëmdech sin
gëi mat hinnen Hand an Hand
an seen Si an onst Letzebuerger Land.

Jäng HAAS
Schëffléng.